

M. le Président.- D'Chamber hält Akt och vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch den Här Jacques-Yves Henckes a se gëtt och un d'zoustänneg Kommissioun respektiv un de Conseil d'Etat weidergeleet.

An da fuere mer weider mat eisem Ordre du jour. Als nächst Riednerin ass agedroen d'Madame Simone Beissel. D'Mme Beissel huet d'Wuert.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Simone Beissel.

7. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (Suite)

Discussion générale (Suite)

Mme Simone Beissel (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop och mäi Merci dem Rapporteur Claude Wiseler fir seng excellent Aarbecht.

D'Europäesch Kommissioun huet kierzlech hir Iwwerleeungen iwwert d'Recherche an den eenzelnen EU-Länner virgestallt. Leider gouf do Lëtzebuerg, niewent der Belsch a Griichenland, och am Beräich vun der Recherche als schlechte Schüler duergestallt.

Fir dëst feststellen, goufe Kritäre wéi öffentlech Interventiounen an der Recherche-Développement, d'Formatioun oder d'Kapital, festgehalen. Mir hunn also och do schlecht ofgeschnidden.

E puer vun de Lëtzebuerger Schwächte sinn zum Beispill fehlend innovativ PMEen oder den Desinteressi fir Life-long-learning. Nëmme 24,5% vun eise PMEen investéieren an d'Recherche-Développement. D'europäesch Moyenne läit awer bei 44,4%.

Kucke mer elo de Budget, gesi mer awer, dass trotz dëse Kriticken, de Budget 2002 eng ganz Rei vu wichtege Moosname beinhalt, déi de Secteur Recherche-Développement solle fördern.

Mir hunn en Zouwuess vun 53%. De Secteur vun der Recherche-Développement ass mat 53% Augmentatioun regelrecht explodéiert, mä et sinn awer nëmme 27 Milliounen Euro, déi d'Regierung a Recherche-Développement-Projete stécht. Dat mécht fir de Moment nach ëmmer nëmme 0,20% vum PIB aus bei enger europäescher Moyenne, déi bei 0,66% läit. Eleng e Land wéi Holland ass mat 0,87% derbäi.

E Schwäizer Spréchwuert seet: „Statistik ist wie ein Bikini. Sie zeigt Interessantes und verhüllt Wichtiges.“ Also musse mer déi Statistiken och relativéieren, well mir gesinn, dass d'Europäesch Kommissioun Kritären huet wéi militäresch oder gréisser universitär Recherche. Leider si mir bei deene Kritären net derbäi, well mer dat net hunn. Bréissel zitt déi mat an, an dofir muss een déi Statistike relativéieren.

Mir hu keng akademesch Strukturen an doduerch ass d'Kooperatioun tëschent Industrie a lokalen Héichschoulen zimlech ageschränkt. Vill vun de Lëtzebuerger Entrepreneuren, déi a méi innovative Beräicher tätég sinn,

mussen dofir konstant op auslännesch Partner zréckgräifen.

D'Lëtzebuerger Regierung kennt dës Schwächen. Déi substanzuell Hausse vun de Kreditter nom Gesetz vum Mee 1999 iwwert d'Création vum Fonds national de la Recherche ënnersträicht de Wëlle fir der Recherche zu Lëtzebuerg à long terme nei Impulser ze ginn.

Niewent de finanzielle Mëttele sinn d'Innovatiounskraaft an d'Risikobereetschaft, haaptsächlech vun de klengen a Mëttelbetriber, vital, fir dass Lëtzebuerg endlech an de Peloton de tête erakënnt.

Kucke mer nach eng Kéier kuerz op d'Budgetsinitiativen, déi, zu menger Freed, sech fidel op DP-Iddien alignéieren.

D'Objektiver an der Recherche-Politik beinhalten ënner anerem eng substanzuell Hausse vun de Kreditter, fir se progressiv op 0,30% vun eisem PIB eropzesteieren. Zum Beispill ginn d'Kreditter 2002 vum Fonds national de la Recherche op 7,5 Milliounen Euro gehuewen, dat heescht eng Steigerung vu 50% par rapport zu 2001 an eng Steigerung vu 500% am Verglach zu 2000.

Am Joer 2000 huet de Stat mam Fonds national de la Recherche véier Konventiounen ënnerschriwwen iwwer pluriannuel Forschungsprogrammer.

Um europäesche Plang huet Lëtzebuerg divers Schrëtter an d'Weeër geleet, wéi zum Beispill de Kooperatiounsaccord mat der Agence spatiale européenne. Eist Land soll och deemnächst der Conférence européenne de biologie moléculaire an der Fondation européenne des Sciences bäitrieden.

Och am Beräich vun de Centres de recherche publics lafe wichteg Initiativen. Huele mer zum Beispill de CRP-Henri Tudor mam Technoport Schlossgoart an de Centre de Ressources de Technologies de l'Environnement. Do ass haut duerch eng Synergie tëschent der ProfilArbed an dem Centre d'accueil et d'innovation des entreprises de Laboratoire de technologies industrielles entstanen.

Den LTI fonctionnéiert autonom an onofhängeg. Hie bitt de Start-up an de PME déi noutwendeg Servicer, fir innovativ Aktivitéiten ze ënnerstëtzen.

Här President, Lëtzebuerg, dat säit laangem e Groussdeel vu senger Recetten aus der Finanzplaz zitt, sicht jo niewent Pensiounsfongen, niewent Medien- a Filmstanduert, niewent engem geplangte Centre virtuel de la connaissance sur l'Europe nach aner nei Créneuen a soll dofir an intensiv an zukunftschrähteg Secteuren investéieren.

Mir hu räichlech neit Potenzial an dat soll agesat ginn, dat heescht, niewent der Zur-Verfügung-Stellung vu Gelder, der adaptierter Ausbildung, mussen och nei wirtschaftlech Raim genotzt ginn.

D'Revitaliséierung vun den Industriebroochen am Süde vun eisem Land ass dofir eng absolut Noutwendegkeet, ofgesinn emol vun der Verkéiers- an Ëmweltent-

laaschtung déi, dës Dezentralisatioun fir d'Gebitt ëm d'Stad Lëtzebuerg bitt.

D'Industriebroochen erlaben et, fir en extreemt dicht Netzwierk tëschent dem Wëssen engersäits, der Forschung an der wirtschaftlecher Aktivitéit anersäits op d'Been ze stellen.

Et héiert ee jo gären, dass an der Innovatiounskapazitéit privat Investissementer eng Envelopp vu ronn 459 Milliounen Euro representéieren. Déi öffentlech Gelder belafen sech elo schonn op 89 Milliounen. Dobäi kommen nach d'Prêts à l'innovation vun der SNCI, déi ongeféier 50 Milliounen Euro erreechen.

Niewent de gesonde Finanzen zielt d'Innovatiounspotenzial, zum Beispill beim Schafe vun engem Réseau vu sou genannte Grappes technologiques. Dat ass ee Konzept, wou eng Rei Betriber, grousser a klenger, a verschidde Wirtschaftsbereicher regroupéiert ginn, eng Zort Interessi-Gemeinschaft, déi op Komplementaritéit an Interdépendance, mä och op eng zolidd Formatioun, Qualifikatioun an op Kompetenz baséiert.

De Projet Cité des Sciences an derniewent d'eventuell Kreatioun vun engem Observatoire d'Innovation, déi de Wirtschaftsministère konzipéiert huet, ginn an déi richteg Richtung.

Här President, zum Schluss nach dëst: D'Förderung vun der Recherche-Développement huet nëmmen dann deen Effekt, dee mir wëllen, wann d'Interaktioun tëschent Innovatioun, Schoul, Kompetitivitéit a Beschäftigung funktionéiert.

Wëssen duerch Fuerschung, Kënnen duerch Innovatioun, stäerken ons Betriber, onse Wuelstand an doduerch d'Liewensqualitéit vum ganze Land.

Dat soll ons alleguer e Grond sinn, fir dëse Secteur an doduerch och de ganze Budget mat alle Méttelen ze ënnerstëtzen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean-Pierre Koepp.

M. Jean-Pierre Koepp (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vläicht schwätzen ech eng Minutt méi laang wéi virgesinn, mä ech hu meng Zäit bis elo nach net an Usproch geholl.

M. le Président.- Är Kolleegen hu fir lech matgeschwat, mä mir sinn awer net esou klenglech.

M. Jean-Pierre Koepp (ADR). - Ech soen lech dofir vun Häerze merci.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt zu dësem Budget kuerz d'Wuert ergräifen, fir e Punkt hei virzedoren, zu deem ech och eng Motioun deponéieren, an zwar ass dat eng Fuerderung, déi mir scho jorelaang uewe läit. Et handelt sech ëm den ordentleche Subsid vun der AMIPERAS, deen och dëst Joer erëm net wesentlech erhéicht gëtt.

Motion 7

La Chambre des Députés

considérant les précieux services que l'association AMIPERAS a rendu depuis des années et continue à prester dans l'intérêt du 3^{ème} ainsi que du 4^{ème} âge;

considérant l'importance sociale de cette association offrant avec ses 111 sections un réseau d'aide et de soutien sur l'ensemble du territoire national;

considérant que le montant du subsid ordinaire pour l'AMIPERAS stagne depuis des années au même niveau sans tenir compte de l'évolution normale des frais de fonctionnement ainsi que de leur offre de service élargie;

invite le Gouvernement

à augmenter de façon conséquente le subsid ordinaire pour l'AMIPERAS.

(s.) Jean-Pierre Koepp, Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen.

Eng Erhéijung vun dësem Subsid ass, menger Usicht no, méi wéi gerechtfertegt, wann een all déi Aktivitéite kuckt, déi d'AMIPERAS am Interessi vun eisen eelere Leit am Land leescht. Et ass eng wichteg Aarbecht am Interessi vum drëtten Alter. Dës Aarbecht misst onbedingt ausgebaut ginn, mä nëmmen, wann een dat néidegt Geld huet, kann een eppes bewegen. Menger Meenung no wäert méi Gelder op dëser Plaz ganz gutt placéiert, well an eise Land gëtt et ëmmer méi al Matbierger an all dës Leit hunn zu engem Deel zum Wuelstand vun eise Land bäigedroen.

An eiser hektescher Zäit ass et enorm wichteg, dass och eis eeler Matbierger gehollef kréien, ënnerstëtzt a gutt berode ginn. Eis eeler Matmënschen dierfen net un de Rand vun der moderner Gesellschaft gedréckt ginn. Si sollen esou laang wéi méiglech aktiv un der Gesellschaft deelhuele kënnen, an hei spillt d'AMIPERAS eng ganz wichteg Roll.

Ech kënnt nach eng ganz Retsch vu Punkten uféieren, fir dës Erhéijung ze ënnermaueren, mä mir wësse jo all, wat et u Geld an un Aarbecht kascht, fir dass d'Organisatioun vun enger esou grousser a wichtiger Vereenegung klappt. Dofir wäert ech frou, wann d'Chamber dëser Motioun géif zoustëmmen. Denkt drun: Den Alter ass och Är Zukunft.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Théo Stendebach.

M. Théo Stendebach (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur vum Budget, dem Här Claude Wiseler, merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Ech wollt op dëser Plaz nach eng Kéier kuerz op d'Aufgabe vun eiser Police agoen. Och wann ee sech am Liewen eng Gesellschaft virstellt, wou d'Police iwwerflësseg wäert, well all Bierger d'Gesetz respektéiert, esou wësse mir dach alleguer, dass d'Realitéit nun eemol anescht ass.

Mir brauchen d'Police fir eis Fräiheet ze garantéieren, fir eis et ze erméiglechen, eis am Kader vun demokratesch

gestëmmte Gesetzer ze entfalen, ouni op d'Feïss getrëpelt ze kréien.

Mir wëssen awer och, dass d'Kriminalitéit zu Lëtzebuerg zouhëlt. D'Statistik vun den Delikter vum Joer 2000 weist op, dass 22.816 Verbrieche geschitt sinn, wat der bal 1.000 méi si wéi am Joer 1999.

Et ass och eng Tatsaach, dass d'Kriminalitéit mat Gewalt zouhëlt. Mir brauchen eis just un déi Attacken op d'Geldtransporter an d'Geiselnahm vu Waasserbëlleg ze erënneren. Mir brauchen dofir eng staark Police, déi capabel ass, d'Fräiheet vum Bierger ze schützen.

Wéi d'Police an d'Gendarmerie ufanks 2000 fusionéiert hunn, gouf als ee vun den Haaptobjektiver gesat, d'Police dem Bierger méi no ze bréngen. Duerch dësen Travail de proximité soll dem Bierger e bessere Schutz an eng besser Hëllef ugebuede ginn. Et ginn elo scho méi Polizisten op den Terrain geschéckt, an dat ass natierlech och mat Käschte verbonnen.

En zweet Objektiver war, d'Police méi disponibel ze maachen. Esou fonctionnéiert schonns gréisstendeels e 24-Stonnendéngscht op regionaler Basis an dat siwen Deeg an der Woch.

Et gouf also scho vill gemaach, mä et muss nach weider an dës Objektiver investéiert ginn, well de Bierger fillt sech nach net sécher. Esou ass ufanks vum Joer, virun den Attacke vum 11. September, eng interessant Enquête vun der ILReS gemaach ginn. Aus hir ass ervirgaangen, dass d'Lëtzebuerger zwar fannen, dass d'Police wuel bei hiren Asätz wirkungsvoll schafft, mä dass déi meescht, an zwar dräi Véierel vun de Betraffenen, sech net sécher spieren an eng méi present Police verlaangen.

Et ass och wichteg ervirzepräichen, dass eis Police nei Aufgabe muss bewältegen. Esou ass no den Attacke vum 11. September d'Iwwerwaachung vun den Ambassaden a vun den offizielle Gebaier verstärkt ginn. Ech denken an dësem Kontext och un den extraen Effort, dee vun eise Sécherheetskäften duerch d'Aféierung vum Euro verlaangt gëtt.

Een anere wichtige Punkt ass, dass d'Police jo natierlech och eng ofschreckend Roll muss spillen, awer d'Poliziste kënnen dat nëmme maachen, wa si zu genuch sinn, gutt ausgebillt a gutt équipéiert sinn. Dat kascht natierlech weider Suen.

De Budget 2002 gesäit 103 Milliounen Euro fir d'Dépenses courantes vun der Police grand-ducale vir a 7,6 Milliounen Euro fir hir Dépenses en capital.

Där neier Situatioun, déi no den Attacke vum 11. September entstanen ass, dréit d'Regierung Rechnung, andeem si duerch Amendementer zum Budget 6,2 Milliounen Euro bereet stellt.

Déi weider finanziell Méttelen, déi eiser Police zur Verfügung gestallt ginn, solle ronderëm dräi Axen investéiert ginn.

Den éischte Volet ass de Rekrutement. De Budget fir 2002 gesäit zum Beispill vir, dass 60 nei Police-Inspekteren agestallt ginn.

En zweete Volet ass d'Formatioun. Esou gesäit de Budget vir, dass 430.000 Euro a Stagen am Ausland an a Coursen investéiert ginn.

Een drëtten Volet, a bestëmmt ee vun de Wichtegsten, ass d'Équipement. Esou gesäit de Budget vir, dass den Helikopter mat deem d'Police schonns excellent Aarbecht leescht, soll besser équipéiert ginn.

D'Loune vum Helikopter eleng kascht 1,7 Milliounen Euro. Dobäi sinn dann nach eng Kéier 1,6 Milliounen Euro virgesi fir zousätzlech polizeilech Equipementer fir den Helikopter.

Da gëtt och de Fuhrpark vun der Police mat neie modernen, gepanzerten Autoen équipéiert.

Weiderhi soll och intensiv investéiert ginn an d'Telekommunikatioun. De Budget gesäit 2,5 Milliounen Euro vir, fir modernt Material.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll zum Schluss awer och nach drop hiweisen, dass de Koalitiounsaccord vum August 1999 virgesäit, dass d'Buergermeeschtere Moyene kréien, fir hire Pouvoir de police kënnen ze erfëllen. An deem Sënn soll de Statut vun den Agents municipaux reforméiert ginn, fir dass si kënnen d'Respektéiere vun de Gemengereglemementer kontrolléieren.

Ech wëll an dësem Kader elo keng eegestänneg an individuell Police fir d'Gemenge fuerderen. Ech menge just, dass mir d'Agents municipaux kënnen als e Complément vun eiser Police asetzen. Deemno soll e Gesetz hire Statut definéieren an och festhalen, wat hir Missiounen sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir brauchen eng staark a modern Police. Nëmme esou ka si hire Rôle am Déngscht vum Bierger gutt an effikass ausfëllen. Dofir musse mir och bereet sinn, an eis Police ze investéieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Alexandre Krieps agedroen. Den Här Krieps huet d'Wuert.

M. Alexandre Krieps (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert lech e kleng modeste Bäitrag maachen zu deene Budgetsdebatten, mä erlaabt mer fir d'éischt fir deene Riedner, déi de Moien zum Projet 4732 gschwatt hunn, ze félicitéieren, well si haten e ganz moderaten Toun, y compris den Här Di Bartolomeo.

Ech schécken natierlech e spezielle Merci u meng Kollege Schroell a Bettendorf an un de Kolleg Jean Huss, deen eng ganz Rei Propositione gemaach huet, déi interessant sinn, mä déi am Ausland scho fënnf bis zéng Joer diskutéiert ginn.

(Interruption)

Ech kommen nach dozou, Här Di Bartolomeo, mä lauschtert mer vläicht fir d'éischt e puer Minutten no, ier Der mech ënnerbriecht, well wann Der wëllt, vergiessen ech et och net.

Gëschter an haut hu mer verschidden Aspekter vun der Sozialmedezin belicht. Een Aspekt dovunner, deen ouni Zweifel ëmmer méi wichteg gëtt, ass dee vun der Schoulmedezin, net wéi fréier am Hibleck op den Dépistage vun de Plattféiss oder dem Bockel, mä d'fréizäiteg Erkenne vun neuro-sensorielle Stéierungen – dat ass scho viru Joren hei gesot ginn –, an haaptsächlech medezinesch a sozial Ursaache vu Léierschwierigekeeten a Verhalensstéierungen.

Dëst ass natierlech ëmsou méi wichteg, well vill Immigrantekanner hei sinn, méi wéi op soss enger Plaz iergendwou op der Welt, wou mer ganz vill Ennerscheeder hunn am soziale Background, trotzdem mer e räicht Land sinn. Dat ass natierlech alles näischt Neies, speziell wann een, wéi den Här Di Bartolomeo, weess, dass mer emol zu Diddeleng oder zu Déifferdeng méi Ausländer wunnen hate wéi Lëtzebuerger.

„Et komme keng schlecht Kanner op d'Welt“ huet elo kierzlech eng Schoulmedezinerin zu mir gesot. Dofir schéngt et ons wichteg, dee ganze legislative Kader vun der Schoulmedezin a vun der psycho-sozialer Betreierung op de Métier ze huelen a vläicht deen Hiatus tëschent dem Rôle vum Stat an de Gemengen an och deen Hiatus tëschent deene verschiddenen Altersgruppen, – zum Beispill tëschent zwee a véier Joer si keng systematesch Ennersichungen –, oder tëschent deene verschiddene Schoulsystemer auszegläichen. Eng nei Oplag vum Carnet de santé wier attraktiv an héchstwahrscheinlech noutwendeg.

(Interruption)

Merci villmools, fir eng Kéier wou Der mer Recht gitt, huelen ech lech dat och gären of.

Mä ofgesinn dovunner, momentan geet et net duer, fir Anomalien ze depistieren, mä et muss een och d'Betreierung straffen an ubidde kënnen. Do misst ee sech vläicht och eng regional oder national Léisung afale loossen, wéi an der Aarbechtsmedezin.

Rezent Studie weisen, dass déi ugesprache Problemer laang net nëmme bei Immigrantekanner bestinn, mä bei onsen eegenen och.

Ee Beispill: Hei an der Chamber gëtt an deene leschten Deeg e Problem illustréiert. Dat ass dee vum Hyperaktivitéitssyndrom, Leit, déi net kënnen setze bleiwen, net nolauschteren, opstinn an doruechter wandern. Deen Taux läit bei de Kanner gewéinlech ronderëm 7 bis 8%. Bei den Deputéierte läit e villméi héich.

(Interruptions diverses)

Ech wäert lech herno soen, wéi d'Paschtéier schwätzen! Rezent Studie sinn och formell, dass verschidde Léierschwierigekeeten an engem multisproochegen Ëmfeld, wéi zum Beispill d'Dyslexien, villméi heefeg sinn, wéi a monosproochege Gesellschaften.

Also nach eng Kéier, et wier vläicht eng Iddi, fir déi medezinesch a psycho-sozial Servicer beieeneen ze leeën, wuelwëssend, dass een do op bestehend Strukture soll opbauen, well mir hunn der, déi gutt fonctionnéieren.

Natierlech muss de Corps enseignant abezu ginn, Här Scheuer, speziell wat seng Ausbildung a Betreierung ubelaangt.

(Interruptions diverses)

M. Jos Scheuer (LSAP). - Den Här Krieps weess ganz genau, dass ech dee sinn, deen him am beschten nolauschtert.

M. Alexandre Krieps (DP). - Am leschte Rapport vun der RELIS konnt ee jo gesinn, dass d'Drogeproblematik bei de Kanner ëmmer méi jonk ufänkt, mat manner wéi 14 Joer, an ëmmer méi intensiv. Et huet mech d'ailleurs gewonnert, dass den Här Mehlen net dovunner geschwat huet. Ech géif zwar do de Verglach gären zéie mat eelere Matbierger, déi Berouegungsmëttel huelen an excessiven Alkohol konsuméieren. Ech géif mengen, mir sollten also net mat Steng op déi Jonk geheien.

Mir hunn hei och scho gefuerdert, dass d'Opklärung vun de Kanner soll virverluecht ginn an d'Primärschoul.

Zum eigentleche Budget, zu deem déi wéinegst Riedner Stellung geholl hunn, kommen ech natierlech net derlaanscht, fir menger Enttäuschung Loft ze maachen, well de Frënd Lucien Weiler a seng riets Hand, de Gesondheetsexpär Halsdorf, de Moien nach gefuerdert hunn, fir d'Dokteren ënner hirem Daum ze quëtschen, well se déi fräiwëlleg Kontributioun zu der Krankekeesesanéierung net gemaach hunn. Ons Kollegen dobaussen an onsem Berufsstand mengen, dass mir schonn zënter uganks den 80er Jore vill zevill kontribuëiert hunn, fir d'Krankekeessen ze sanéieren. Deemools hu mir fräiwëlleg d'Upassung un den Index an d'Upassung un de Statsbeamtepunkt opginn. Dir hutt den Index nach net opginn.

Mäi Berufsstand, d'Generalisten, sinn natierlech dëst Joer extra verwinnt ginn, hu se dach fënnef Frang bäikritt. De Moien ass an den Interventiuone fir d'Sanéiere vun de Krankekeessen och nëmme vun de Fräischaffende geschwat ginn, net vum Salariat.

A wa scho vun de Paschtéier geschwat ginn ass, Här Mehlen, mir hätte gären d'Enveloppe globale vun de Paschtéier. Dat ass scho virun zéng Joer gesot ginn.

M. Robert Mehlen (ADR). - Am Sënn vun Transdialog an Diasparenz! Esou ass et richtig!

M. Alexandre Krieps (DP). - Dat gesot, sinn ech natierlech mam Här Weiler d'accord, dass et ganz interessant gewiescht wier, fir déi Méiausgabe gewuer ze ginn am neie Spidolsplang. Den Här Minister Wagner kann ons herno dorop äntwerten. Enner anerem hätt et mech interesséiert, de Kaf- oder de Verkaufspräis vum Ar um Kierchbiere gewuer ze ginn, fir de Rehazenter, fir dat neit Privatspidol um Kierchbiere a fir dat neit privat Luxusaltersheim um Kierchbiere, a wien dat bezillt.

Bei de Gesondsheetsberuffer a bei de Patiente stellt sech nach ëmmer d'Fro, wéi wäit d'Verhandlung sinn, fir d'Clinique Bohler op de Kierchbiere ze kréien, an do erëm ze wëssen, wien dat alles finanzéiert a wéi, an ob déi al Besëtzer vun der Clinique Bohler op der Areler

Strooss hir Terraine kënnen behalen an doduerch de Steierzueler an de Beitragszueler bäizéien, fir eng Plus-value ze maachen.

Villméi räsounabel a verstänneg a finanziell a medezinesch vertriebar wier et, fir eng Léisung unzestriewen, fir en nationaalt Kannerspidol frësch ze bauen an eng regional Maternité am Zentrum, déi dee Moment 3.500 Gebuerter pro Joer betreie kënn.

Eng grouss norwegesch Studie vun 1,7 Milliounen Kanner beweist, dass dat d'Zukunft ass. Dat géif ons och erlaben, fir déi budgetär Mëttel net missen ze dedoubléieren. Et kënn ee sech och esouguer virstellen, dass an engem Haus verschidde Modalités d'exercice kënn beste fir d'Personal.

Kommt mir halen op, déi mënschlech Ressourcen ze fragmentéieren a méi an d'Personal ze investéieren. Ech wier frou, wann dat géif gemaach ginn, dass méi an d'Personal géif investéiert ginn.

Ech stellen hei keng Antithesen zum Här Krecké sengen Thesen op. Ech hat dem Här Garcia seng sympathesch Rees duerch d'Toskana verfollegt a léiwer Florenz gesi wéi PISA.

Woumat ech guer net d'accord sinn – an do ginn ech dem Här Weiler Recht – dat sinn d'These vum Här Gibéryen, well deem seng Ausféierunge sinn zwar lieblech a rhetoresch excellent, mä ech gleewen, dass se am Fong ganz geféierlech sinn, net fir d'Parteien, mä fir d'Leit dobaussen.

Bei all Lëtzebuerger, deen nëmmen eng Drëps Blut an senger Oderen huet vu friemer Hierkonft, missten dem ADR seng Positiounen eng dauerhaft Héngerhaut provozéieren, well Ären Discours ass opgebaut op e Quäntchen Maria, Trösterin der Betrübten, an net Primadonna, wéi den Här Weiler virdru gesot huet mä Madonna.

Eng ënnerschwellig Auslännerfeindlechkeet, déi lech an e puer Joer wierklech net zegutt komme wäert, féiert direkt an eng politesch Apartheid. Dir hutt och net méi de Klassenkampf am Kapp, mä de Klassennäid. Äre Slogan vun „Travail, Famille, Patrie“ ass vill ze laang bekannt. Dee reecht vum Pétain iwwert den Opus Dei bis zum Poujadismus um Enn vun de 50er Jore bei de Fransousen, an all déi Theorien hu laangfristeg versot.

Speziell an engem Ländchen wéi deem heien ass dat eng Atteinte op d'Cohésion sociale. Här Mehlen, ech hu léiwer de Slogan „Liberté, Egalité, Fraternité“. Verhaalt lech dat! Mir gleewen als DP-Fraktioun, dass d'Resultater vum Rentendesch dem ADR, deen iwwregens och e Stand op der Foire du Bénévolat hat, zolidd um Mo leien. Ech gesinn lech dat of. Ech gleewen, Dir hat net gerechent mat deem meeschterhafte Sozialminister Carlo Wagner, deen lech an aneren d'Lat zimlech héich geluecht huet. D'DP ass doriwwer ganz erfreet gewiescht.

Ech schléissen zwar och eis CSV-Kolleegen an, fir hire famillje-politische Bäitrag zu deem Rentendesch.

Ofschléissend, ier ech der CSV/DP-Regierung mäi Ver-

trauen ausdrécken, wollt ech soen, dass d'Demokratesch Partei, wann ee kuckt wéi den Historique vum ADR entstanen ass, aus der 5/6-Bewegung asw., sech net an déi Diskussioun amësche wäert, wien dann elo vun der CSV oder vum ADR een deem aneren de Walprogramm ofgeknäipt oder ofgeschriwwen huet, well déi Manövere gläichen a mengen Aen de mamemäerdereschen Tendenze vum verluerene Jong vis-à-vis vu senger spiritueller Steifmamm. Dat ass eng matrizid Tendenz.

Ech soen lech merci.

8. Ordre du jour

M. le Président.- Domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm.

D'Presidentekonferenz war de Moien zesummen a schléit der Chamber Folgendes vir, fir déi nächst Woch:

Mir siégéieren dënschdes, den 18. Dezember um dräi Auer, e Mëttwoch, den 19. Dezember moies um néng a mëttes um halwer dräi, an en Donneschdeg, den 20. Dezember och moies um néng an nomëttes um halwer dräi.

Um Ordre du jour steet dënschdes:

1. De Rapport complémentaire mat den Diskussiounen iwwert de Statshaushalt vum Joer 2002. De Fraktiounen sti jeeweils nach 15 Minutten an der Sensibilité politique fënnf Minutten zou.

2. De Projet de loi 4826 iwwert d'Excédente vum Exercice 2000.

3. De Projet de loi 4785 iwwert de Faux-monnayage, och nom Modell 1.

Mëttwochs moies a mëttes:

1. De Projet de loi 4855 iwwert déi direkt an indirekt Steieren.

2. De Projet de loi 4780 iwwert déi direkt Steieren.

3. De Projet de loi 4858 iwwert d'TVA.

4. De Projet de loi 4862, eng Konventioun tëschent Lëtzebuerg a Mexiko iwwert d'Duebelbesteuerung.

Donneschdes moies a mëttes:

1. De Projet de loi 4867 iwwert d'Familljenzoulagen.

2. De Projet de loi 4668 iwwert den Offall an de Bannengewässer.

3. D'Ofstëmmung iwwert d'Budgetgesetz mat de Motiounen a Resolutiounen.

4. D'Vollmachtegesetz Nr. 4870.

Ech wollt d'Chamber froen, ob se mat deem Ordre du jour averstanen ass.

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.17 heures)